



# Infoblat

Dezember 2006

## Editorial

MOIEN !

Mir si frou, Iech déi 1. Ausgab vun eisem "INFOBLAT" presentéieren ze kënnen.

Sou wéi et de Motto vun eiser A.s.b.l. ass, nämlech, dass eis Sprooch eng Bréck a keng Barrière soll sinn tëscht all de Leit, déi hei am Land liewen a schaffen, sou soll dës „Blietchen“ och eng Bréck sinn, déi äis mat eise Membre verbënnt.

Op deene puer Säite wëlle mir iwwert eis Aktivitéite schwätzen, Iech um Lafenden halen, wat vun neie Bicher op de Maart kënn an Iech ee Buch oder eng Publikatioun méi speziell virstellen; Informatiounen zur Sprooch däerfen natierlech och net feelen, en didaktesche respektiv pädagogeschen Deel ass virgesi fir déi Leit, déi eis Sprooch wëlle léieren oder ënnerriichten.

Wéi gesot, ass d' "INFOBLAT" fir eis Membre geduecht a soll vun elo u 4 Mol am Joer erauskommen, ëmmer den 1. Mäerz, den 1. Juni, den 1. September an den 1. Dezember. Déi heiten Ausgab 0 ass awer a méi enger grousser Oplo gedréckt ginn, fir dass och Nach-net-Membren äis kenne léieren a bei hinnen den Intressi un eisen Aktivitéiten erwächt gëtt.

De Choix vun der Sprooch ass zu Lëtzebuerg net ëmmer eng einfach Saach.

Eent vun den Ziler vun eiser Associatioun ass et jo och, déi Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen, dofir fannt Dir an dem "INFOBLAT" haaptsächlech Artikelen op Lëtzebuergesch. Mir iwwerloossen dee Choix awer natierlech och ëmmer dem jeweilige Verfaasser vum Artikel.

Fir ofzeschlësse wollt ech am Numm vun eiser A.s.b.l. nach all deene Leit Merci soen, déi ons ënnerstëtzen oder/an déi un der 1. Ausgab vun eisem "INFOBLAT" bedeelegt waren.

Mir wënschen Iech vill Spaass beim Liesen a freeën äis iwwert all Virschléi a Kommentaren.

Jackie Weber-Messerich

## Moien, eng Bréck fir eis Sprooch

Ënnert dem Motto « Eis Sprooch – eng Bréck, keng Barrière », huet am Joer 1998 de Projet « Moien ! » ugefaangen. Nodeems dës Projet Enn Dezember 2004 eriwwe war, hu vill Leit hiert Bedauern doriwwer ausgedréckt. De Wunsch ass komm, datt et eng Weiderféierung vun den Aktivitéite sollt ginn.

Dofir hu sech e puer Leit zesummegedoen fir d'A.s.b.l. "Moien, eng Bréck fir eis Sprooch " ze grënnen.

Dës A.s.b.l. huet als Ziler, Lëtzebuergeschcoursen (Sprooch, Orthographie, Grammaire) z'organisieren, kulturell Aktivitéiten am Zesammenhank mat der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ze ënnerstëtzen, eng Plattform ze schafen, fir sech am Beräich vun der Lëtzebuerger Sprooch z'informieren an auszetauschen.

De Comité besteet aus 9 Memberen.

Dat sinn d'Jackie Weber-Messerich (Presidentin), d'Geneviève Magnette-Barthel (Vice-Presidentin), d'Jeanne Nau-Didlinger (Sekretärin), d'Mili Tasch-Fernandes (Trésorière), d'Denise Heiderscheid, d'Marianne Johannis-Schlechter, d'Marie-Thérèse Gouden-Heinen, den Yves Charpentier an de Marco Garcia.

Am Summer 2005 an 2006 goufe Coursen a verschiddene Gemengen organiséiert. Mir hunn och schon e puer Visiten zesumme gemaach. Am Mee 2006 hat eise Veräin e Stand um "Festival des Migrations, des Cultures et de la Citoyenneté" vum CLAE.

Eise Veräin ass nach ganz jonk a mir hoffen, datt ëmmer méi Leit sech fir eis Aktivitéiten interesséieren an äis hëllefen, weider fir eis Sprooch ze schaffen.

Geneviève Magnette-Barthel

## Sommaire

### 1. Säit:

- Editorial
- Moien, eng Bréck fir eis Sprooch

### 2. Säit:

- Eis Schüler hunn d'Wuert
- Wësst dir dat hei...

### 3. Säit:

- Mir stelle vir: Grammaire de la langue luxembourgeoise

### 4. Säit:

- An eegener Saach

## Eis Schüler hunn d'Wuert

### Meng éischte Kéier

#### **nobäi**

Wéi ech déi éischt Kéier aus der Belsch op Lëtzebuerg gefuer sinn, hunn ech zu Trier missen ëmdréien.  
Wéi ech déi zweet Kéier aus Däitschland op Lëtzebuerg gefuer sinn, hunn ech 45 Minutte méi spéit, zu Arel erëm missen ëmdréien.

Déi drëtt Kéier hunn ech, wéi ee gudden Zaldot, d'Stad direkt fonnt. D'Stad war eigentlech ganz nobäi.

Zu Lëtzebuerg ass alles ganz nobäi, nëmme fir d'Lëtzebuerger ass alles wäit ewech.

#### **kleng**

Wéi ech déi éischt Kéier vun „Antwaarpen“ an d' Stad komm sinn, hunn ech gemengt: et ass esou schéi wéi bei ons, awer kleng.

Wéi ech déi éischt Kéier d'Schueberfouer besicht hunn, hunn ech gemengt: et ass esou schéi wéi bei ons „de Sinksefoor“, awer kleng.

Wéi ech déi éischt Kéier am Mëllertal getrëppelt sinn, hunn ech gemengt : et ass esou schéi wéi d' Schwäiz, awer kleng.

Zu Lëtzebuerg ass alles kleng, nëmme d' Bensinsstatiounen sinn IMMENS grouss.

#### **gréng**

Déi éischt Kéier war ech fir d'Sprangpressessioun zu Eechternoach; et huet gereent an alles war gréng.

Déi zweet Kéier war ech fir Summer In The City an der Stad; et huet gereent an alles war gréng.

Déi drëtt Kéier war ech Musek lauschten zu Woltz; et huet gereent an alles war gréng.

Zu Lëtzebuerg ass ëmmer alles gréng, nëmme d'Regierung ass net gréng.

(Extrait)

Wim Van den Eynden

### Am Cours

Laang an eescht gouf sech gestridden,  
op een Hoer no d'Mailer z'rass.  
Fir um Enn nach näischt ze bidden,  
well kee wousst, wéi 't richtig ass.

Wéi gëtt dann elo d'Wuert geschriwwen,  
war a blouf déi grouseg Fro.  
Aus der Schoul wat hänke bliwwen,  
war dach laang schonn näischt méi do.


Wann deen een, esou dot soen,  
sot deen aanren neen, esou.  
Fir mäin Deel mir agestoen,  
datt ech domm ewéi eng Kou.

**Fir eis Sprooch richtig ze schreiwen,  
ginn ech gär mech nach mol drun.  
Och am Cours bis zum Enn bleiwen,  
wann net all Zweifel verflunn.**

**Och am Alter ouni zécken,  
léire kann an aller Rou.  
Duerfir d'Schoulbänk haut ech drécken,  
an 't mécht Spaass och nach derzou.**

Duerfir loosst ons d'Glas erhiewen,  
mat der Drauwen eedlem Blutt,  
dass eis Sprooch soll weider liewen,  
a behalen hire Mutt.

Albert Haas  
(Schüler aus dem Orthographieskurs  
vun Diddeleng)



### Wësst dir dat hei...

Den Alex an den Olivier sinn zackeg Jongen,  
a si si ganz fein.  
Den Norbert an den Théo sinn ellen ugrëffeg.  
Si sinn e bësschen idiotesch.  
De besuergte Pappe gefällt dat net:  
Si fäerte fir hir schéi Meedercher.  
Si sinn houfreg op si.

#### **D' N Regel**

(la règle du « N » final mobile = Eifeler Regel)

#### **Mir soen a schreiwen den N:**

virun engem Vokal i u e o a  
virun de Konsonanten h d t n z  
virun de Sazeechen ; : , ! ?  
a bei den Eegennimm (noms propres)

Marie-Thérèse Gouden-Heinen

**Mir stelle vir**

## **GRAMMAIRE DE LA LANGUE LUXEMBOURGEOISE**

Lëtzebuenger Grammaire?? Wéi ass déi? Wie kennt déi?  
Déi lescht Grammaire iwwert d'Lëtzebuergesch war vum Professor Robert Bruch 1955 geschriwwen ginn.

Et war also un der Zäit d'Lëtzebuergesch Grammaire nei auszeschaffen.

Am Joer 2002 huet de Service de la Formation des Adultes vum Ministère de l'Éducation Nationale deen Optrag ginn.

Eng Équipe vu fënnef Leit, d'Sproochenexperten Henri Losch a Josy Braun an dräi Damme vum deemolege Projet Moien, Marianne Johannis-Schlechter, Josée Kauffmann-Frantz a Geneviève Magnette-Barthel hu sech un d'Aarbecht ginn.

Während dräi Joer hu si sech all Freideg Moie getraff an hunn iwwert d'Regelen an d'Beispiller diskutéiert, debattéiert a si sech eens ginn, fir se schlussendlech nidderschreiwen.

Am Mee 2005 war et esou wäit, déi éischt Grammaire ass gedréckt ginn. Zënterhier si scho 5000 Stéck verkaaft ginn.

An dëser Grammaire ass alles vun der Aussprooch, der Orthographie iwwert de Sazbau, d'Verben, d'Substantiven, d'Adjektiven an d'Adverbe bis d'Negatioun an d'Konjektiounen erkläert.

D'Regele sinn op Franséisch mat all Kéiers Beispiller op Lëtzebuergesch.

Et war virgesinn se och nach op Däitsch an Englesch z' iwwersetzen.

Dëst Buch ass net nëmme fir déi Leit geduecht, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren, mä och fir all Lëtzebuenger, déi virwëtzeg sinn, déi Regeln, déi si automatesch all Dag gebrauchen, och ze verstoen.

D'Buch ass ganz iwwersiichtlech a mat faarwege Biller illustréiert, d'Erklärungen sinn einfach.

Geneviève Magnette-Bathel / Marianne Johannis-Schlechter



**ERNSTER®**  
**L'ESPRIT LIVRE**

Librairie Ernster	Luxembourg	T 22 50 77 -1
	La Belle Etoile	T 31 13 77 -1
	City Concorde	T 26 44 04 24
Papeterie Ernster	Luxembourg	T 22 50 77 -270
Erny Ernster	La Belle Etoile	T 31 13 77 -1
Jeux et Découvertes	Bonnevoie	T 48 55 77
Ernster Didactique	Rollingergrund	T 44 42 14 -1

Shopping On-line - mail@ernster.com - [www.ernster.com](http://www.ernster.com) <<http://www.ernster.com>/>

Fir Lëtzebuergesch-Coursen déi lafen,  
kritt dir beim Ernster d'Bicher ze kafen.

## An eegener Saach

### VISITE

Am Kader vun eise kulturellen Aktivitéite bidde mer eise Membren eng Visite guidée vun der Stad un, an zwar e Samschdeg, den 10. Februar 2007. D'Detailer kritt Der nach mat Zäit matgedeelt.

Dans le cadre de nos activités culturelles nous proposons à nos membres une visite guidée de la Ville de Luxembourg, le samedi 10 février 2007. Les détails vous seront communiqués en temps utile.

Im Rahmen unserer kulturellen Aktivitäten bieten wir unseren Mitgliedern eine Besichtigung der Stadt Luxemburg an, und zwar am Samstag, den 10. Februar 2007. Einzelheiten werden Ihnen noch rechtzeitig mitgeteilt.



### VERBESSERUNGSSERVICE

Zu eisen Aktivitéite gehéiert och e **Verbesserungsservice**: wann Dir Är Texter, Broschüren, Dépliants, asw. gär an der richteger Lëtzebuerger Schreifweis verëffentleche wëllt, dann zéckt net a kontaktéiert äis. Mir verbessern Iech se. Präis op Ufro.

### LËTZEBUERGESCOURSEN / COURS DE LUXEMBOURGEOIS

Fin janvier 2007 commencera la deuxième session de nos cours de luxembourgeois, niveau 2 et niveau 4. Ces cours sont conventionnés avec le Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle continue.



Si vous êtes intéressés par nos activités et si vous voulez nous soutenir, vous pouvez le faire en devenant membre de notre association et en virant 10 € (ou plus) avec la mention: « cotisation » ainsi que le nom et l'adresse du membre sur le compte :

Falls Sie an unseren Aktivitäten interessiert sind und uns unterstützen wollen, können Sie das tun, indem Sie Mitglied werden und 10 € (oder mehr) mit Vermerk: „Beitrag“ (cotisation) sowie Name und Adresse des Mitglieds auf folgendes Konto überweisen:

Wann Dir un eisen Aktivitéiten intresséiert sidd an eis ënnerstëtze wëllt, kënnt Dir dat maachen, andeems Der Member gitt an 10 € (oder méi) iwwerweist mam Vermierk: „Cotisation“ mat Numm an Adress vum Member op den:

**CCPL LU28 1111 2368 0023 0000**  
**MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch, a.s.b.l.**

Vous serez alors informés sur nos diverses activités. Sie werden dann über unsere Aktivitäten informiert. Dir gitt dann iwwert eise Aktivitéiten informéiert.

B.P:5 Tel: 26 311 343  
L-8701 Useldange Fax: 26 311 342  
E-mail: [moien@pt.lu](mailto:moien@pt.lu)



*Mir wënschen Iech schéi Feierdeeg  
Nous vous souhaitons de joyeuses fêtes  
Wir wünschen Ihnen schöne Feiertage*

Description	Début	Fin	Horaires	Lieu	Chargé-e de cours	Code MEN	Prix
Luxembourgeois niveau 2	31.01.2007	16.05.2007	LU et ME 19h15-21h15	STRASSEN	Nelly Linster-Hinzy	LA-LB 142	100 €
Luxembourgeois niveau 4	31.01.2007	16.05.2007	LU et ME 18h30-20h30	BERGEM	Danielle Laschet-Schanen	LA-LB 144	100 €

#### **Renseignements et inscriptions:**

Tél: 26 311 343

Fax: 26 311 342

[info@moienasbl.com](mailto:info@moienasbl.com)